PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13/08/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

Beim Ofschléisse vun engem Handyskontrakt gëtt et Méiglechkeet vun engem "Forfait bloqué". Doduerch kann de Client festleeën, dass nom Verbrauch vum am Kontrakt festgehalene Volumen un Uriff, SMSen an och Data mobil, all zousätzleche Verbrauch blockéiert gëtt. Esou kann de Client sécher sinn keng zousätzlech Forfaiten um Enn vum Mount mussen ze bezuelen. Dëse Service ass allerdéngs net gratis mee ass mat engem klengen Oppräis verbonnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Kann de Minister erklären, firwat de Client muss géint Oppräis een Iwwerschreide vu sengem Abonnement verhënneren? Firwat ass de Forfait bloqué net d'Norm, esou dass all Client misst säin Accord ginn, falls dëse wëll de Risiko vun zousätzleche Fraisen agoen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député